ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister an un den Här Minister fir déi sozial Sécherheet weiderzeleeden.

D'Chambre des Salariés huet eng nei Etüd publizéiert an där si de soziale Mindestloun am europäesche Verglach analyséiert huet. (Titel vun der Etüd: Un salaire social minimum assez faible dans son contexte social.) Mat 2.201,93 Euro Brutto ass Lëtzebuerg dat europäescht Land wat den, an absolutten Zuelen, héchste soziale Mindestloun huet, eppes wat een awer an de soziale Kontext an an dat präislecht Ëmfeld hei am Land setze misst. D'Salariatskummer kënnt zur Konklusioun datt hei zu Lëtzebuerg de Soziale Mindestloun de Betraffenen et kaum erlaabt fir dezent ze liewen a sech eng adequat Wunneng ze leeschten. Wat d'Kafkraaft vum soziale Mindestloun hei zu Lëtzebuerg ugeet, esou feelen, där Etüd no, engem betraffene Salarié deen eleng lieft, all Mount 23 Euro fir seng Grondbedierfnisser ze decken, fir en elengerzéiende Stot ass d'Situatioun nach méi delikat, hei feelen Enn des Mounts 144 Euro. Matgerechent sinn a béide Fäll alleguerten déi méiglech sozial Prestatiounen déi een hei am Land kréie kann.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Fro un d'Regierung stellen:

1. Wéi schätzt d'Regierung des nei Etüd vun der Chambre des Salariés an, a wat ass hir Reaktioun dorobber?
2. Wéi gëtt den an der Etüd genannte "budget de référence" gerechent an ass deen, an den An vun der Regierung, deenen aktuelle Konditiounen ugepasst?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten